

Leitlinne fir eng  
Pedagogik

kierperfrëndlech

Atelier Zeralda – Caritas Jeunes et Familles

Inhalt :

<b>1. Kloeerheet beim Ëmgang mat Kierperkontakt, Beréierungen a kierperlecher „Nähe“ .....</b>	<b>1</b>
<b>2. Leitprinzipien .....</b>	<b>2</b>
A. D'Wuel vum Kand steet am Virdergrond .....	2
B. Den Impuls fir Kierperkontakt(er) soll vum Kand ausgoen .....	2
C. Grenze wouerhuelen, reflekteieren a kommunizéieren .....	3
D. D'Sécherheet vum Kand geet vir .....	3
E. D'Geschlecht an den Alter vum Kand spillen (eventuell) eng Roll .....	3
<b>3. Situatiounen am Alldag .....</b>	<b>4</b>
A. An den Aarm resp. Op de Schouss huelen .....	4
B. Kussen.....	5
C. Un- an Ausdoen .....	5
D. Kierperkontakt mat den Elteren.....	6

## 1. Kloeerheet beim Ëmgang mat Kierperkontakt, Beréierungen a kierperlecher „Nähe“

„Die Beschäftigung mit pauschalen Verdächtigungen gegenüber männlichen Erziehern zeigt, dass insbesondere (aber nicht nur) männliche Fachkräfte verunsichert sind, welches Ausmaß an Körperkontakt und körperlicher Nähe in der pädagogischen Arbeit mit Kindern, insbesondere mit Kleinkindern, angemessen ist. Daher ist es zunächst wichtig hervorzuheben, dass Körperkontakt und körperliche Berührungen für das Miteinander von Kindern und Erwachsenen in *Crèche* und *Maison Relais* grundlegend, wesentlich und unverzichtbar sind.

Dies betrifft zunächst körpernahe Pflegetätigkeiten wie das Wickeln, Waschen, An- und Ausziehen sowie Toilettengänge. Es umfasst aber auch den Ausdruck von Gefühlen bzw. Zuneigung und das Eingehen auf emotionale Bedürfnisse durch Kuseln, Schmusen, Beruhigen, Trösten oder In-den-Schlaf-Wiegen.

Für Kinder sind Körperwahrnehmung und Körperkontakt, Gefühle und Beziehungserfahrungen nicht voneinander getrennt. Schon von daher ist es selbstverständlich, dass Kinder körperliche Nähe zu pädagogischen Bezugspersonen suchen und diese auch brauchen. Da kleine Kinder erst nach und nach verbale Fähigkeiten entwickeln, um Gefühle und Bedürfnisse auszudrücken und andere Menschen zu verstehen, sind sie darauf angewiesen, dass Erwachsene nicht nur auf ihre körperlichen Signale reagieren, sondern auch selbst zu direkter körperlicher Kommunikation in der Lage sind. Dies gilt für alle nahen Bezugspersonen.

In der alltäglichen Begegnung mit Kindern ist es allerdings nicht immer einfach zu unterscheiden, bis zu welcher Intensität körperliche Nähe für alle Beteiligten (noch) erwünscht ist. Mögliche (körperliche) Grenzüberschreitungen sollten – unabhängig vom Geschlecht der Beteiligten – wahrgenommen und reflektiert werden.“<sup>1</sup>

### **Wichtig:**

Fir dem Usprouch vun enger gendersensibeler resp. genderbewosster Pedagogik gerecht ze ginn, bezéie mir den Aspekt Geschlecht/Gender ëmmer an eis Reflexiounen, d'pedagogescht Denken an d'Handelen mat an. Dëst gëllt fir all Tâchen an der Maison Relais. Am Sënn vun enger allgemenger Gläichberechtigung gëllt fir eis, onofhängeg vum Geschlecht, Alter oder anere Critèren: „**Alle machen alles!**“

---

<sup>1</sup> **Quell:**

[https://mika.koordination-maennerinkitas.de/uploads/media/06\\_Broschuere\\_Sicherheit\\_gewinnen\\_01.pdf](https://mika.koordination-maennerinkitas.de/uploads/media/06_Broschuere_Sicherheit_gewinnen_01.pdf) (S.40)

## 2. Leitprinzipien

### A. D'Wuel vum Kand steet am Virdergrond

Dem nationale Bildungsrahmenplan fir d'non-formal Bildung follgend, gesi mir Kanner als eenzegaarteg a kompetent Individuen. Fir d'Wuelbefannen sinn d'Kanner op d'Befriddegung vun hire Grondbedierfnesser ugewisen. Dës bezéie sech op physiologesch Bedierfnesser wéi d'Ernährung, d'Rou an d'Bewegung, d'Sécherheet, de Schutz a d'Gebuergeheet.

Mam Alter gëtt d'Bedeutung vun der Selbstverwierklechung vum Kand méi wichteg. D'Striewen no Zougehéiregkeet, Austausch a Participatioun si genausou wichteg wéi d'Striewen no Autonomie an Onofhängegkeet.<sup>2</sup>

#### Reflexionsfroen:

- Respektéieren ech mat mengem pedagogeschen Handeln d'Bild vum kompetente Kand?
- Ënnerstëtzen ech duerch mäi Verhalen d'Autonomieentwécklung vum Kand?
- Oder stinn eventuell aner Motiver a Prioritéiten hannert mengem Handeln? (eege biografesch Erlebnisse, onreflektéiert pedagogesch Routin, Zäitdrock, meng eegen Iwwerforderung mat der Situatioun etc.)
- ...

### B. Den Impuls fir Kierperkontakt(er) soll vum Kand ausgoen

Wéi uewe beschriwwen, entwéckelen d'Kanner eréischt mat engem gewëssenen Alter d'verbal Fäegkeeten, fir hir Gefiller a Bedierfnesser auszudrécken. Ëmsou méi si mir als pedagogesch Personal gefuerdert d'Signaler an Hiwäiser vum Kand richteg ze interpretéieren an tëschent dem Bedierfnes vum Kand an deenen eegenen ze ennerscheeden.

#### Reflexionsfroen:

- Geet de Kierperkontakt op d'Bedierfnes vum Kand zeréck?
- Interpretéieren ech dëst Bedierfnes resp. dëse Wunsch eventuell an d'Situatioun eran?
- Befriddegt de Kierperkontakt d'Bedierfnes vum Kand oder just mäi Wunsch no „Kierperlechkeet“?
- Ass meng Handlung dem Bedierfnes vum Kand ugepasst?
- Ginn et Kanner, deenen ech mat Bléck op kierperlech Zouwendung méi zoukomme loossen an aner Kanner, déi ech eventuell benodeelegen?
- Fërdert oder begrenzt meng eege Kierpersprooch d'Ëmsetzung vun eiser kierperfrëndlecher Pedagogik?
- ...

---

<sup>2</sup> vgl. Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter, S. 17 (II. Pädagogische Orientierung – Bild vom Kind/vom Jugendlichen)

### C. Grenze wouerhuelen, reflekteieren a kommunizéieren

D'Empfannen vun „Nähe“ an Distanz ass geléiert an ass ofhängeg vum sozialem, kulturellen an biographeschem Hannergrond stark ënnerschiddlech ausgeprägt. Esou weisen sech och ënnerschiddlech Perspektiven a Virstellungen vun den intimen bzw. perséinlechen Distanzzonen. Eréischt durch d'Wouerhuelen, Bewosstginn a Respektéieren vun dëse perséinlechen Ënnerscheeder kann e Klima entstoen an deem all Bedeelegte sech sécher a woul fillt.

#### Reflexionsfroen:

- Wéi reageieren ech, wann mech ee Kand upéckt oder no Kierperkontakt sicht?
- Erfüllen ech him dëst Bedierfnis no kierperlecher „Nähe“ oder éischer net?
- Wou leien meng perséinlech resp. privat a professionell Grenzen bei kierperlechem Kontakt?
- Wéi eng Roll spillt z.B. d'Intensitéit, d'Dauer, d'Heefegkeet an/oder bestëmmt Kierperberäicher?
- Bei wéi enge Kanner ass mir Kierperkontakt angeneem, bei wei engen onangeneem?
- Verhalen ech mech doduerch de Kanner géigeniwwer ënnerschiddlech?
- Entstinn doduerch fir bestëmmte Kanner Vir- oder Nodeeler?
- ...

### D. D'Sécherheet vum Kand geet vir

Obwuel eis kierperfrëndlech Pedagogik um Bild vum kompetente Kand baséiert, kënnt et am pedagogeschen Alldag ëmmer ërem zu Situatiounen, an deenen d'Initiativ fir de kierperleche Kontakt net vum Kand ausgeet. Esou zum Beispill beim Handginn, wann een iwwer eng Strooss oder laanscht stark befuere Weeër geet oder waart, wéi beispillsweis bei Busarrêten. Oder och beim (kierperlechen) Intervenéiere bei Konflikter resp. Gewalthandlungen tëschent de Kanner. Esou kloer begrënnt dës pedagogesch Routine an Interventiounen och erschéngen, esou sollte mir eis ëmmer ërem kritesch mat hinnen auserneesetzen.

#### Reflexionsfroen:

- Ass d'Sécherheet vum Kand ouni den Asaz vu Beréierunge garantéiert?
- Benéidegt d'Situatioun iwwerhaupt e Kierperkontakt, dee vu mir ausgeet?
- Hunn ech dem Kand virdrun erkläert wéi eng Beréierung woufir néideg ass?
- Erklären ech generell wat ech maachen resp. wéisou ech eppes machen, ier ech et maachen?
- Hunn ech nogefrot, ob d'Kand - virausgesat, datt d'Situatioun et erlabt - selwer probéiere wëll eens ze ginn?
- Wéi loossen sech „kierperlech Interventiounen“, déi ëmmer ëremkommen, vermeiden?
- Ass d'Intensitéit vu menger „kierperlecher Interventioun“ der Situatioun ugepasst?
- ...

### E. D'Geschlecht an den Alter vum Kand spillen (eventuell) eng Roll

All Kand wëlle selwecht ze behandelen, ass Ausdrock vun eiser professioneller Haltung an en héije pedagogeschen Usproch. Gläichzäiteg bleift et eis Erausforderung dësen Usproch ëmmer ërem mat der pedagogescher Realitéit am Alldag ofzegläichen. An dësem Zesammenhang kënnen och bestëmmt Critère vum Kand wéi säi Geschlecht a säin Alter en Afloss op eisen Ëmgang mat „Nähe“ an Distanz hunn.

**Reflexionsfroen:**

- Gouf mat de Kanner iwwer kierperleche Kontakt geschwat?
- Goufe sie ugereegt sech Gedanken doriwwer ze maachen, wat si wëllen resp. wat si net wëllen?
- Gouf de Kanner bewosst gemaach, datt si d'Recht hunn „Neen“ ze soen bei Beréierungen, déi si net wëllen?
- Verhalen ech mech mat Bléck ob kierperlech Zouwendung géigeniwwer Meedercher a Jongen ënnerschiddlech?
- Verännert sech mam Alter vum Kand resp. mat der Dauer von der Betreuung meng Sensibilitét fir Grenzen bei kierperlechem Kontakt?
- Geet et menge Kollegeen\*innen eventuell selwecht oder änlech?
- Wéi wëlle mir mat bestëmmte Situatiounen ëmgoen?
- ...

### 3. Situatiounen am Alldag

Wéi eng Alldagsituatiounen si besonnesch „kierperbetount“ a wéi kënne mir domat ëmgoen?

#### A. An den Aarm resp. Op de Schouss huelen

Sech an den Aarm huelen ass Ausdrock vun enger kierperfrëndlecher Pedagogik an ass erwünscht, esoulaang - wéi uewe beschriwwen - d'Initiativ vum Kand ausgeet resp. dëst engem Bedierfnis vum Kand entsprécht. Ob d'Situatioun als passend, angeneem oder éischer onangeneem erlieft gëtt, hänkt vu perséinlechen Erliefnesser an dem eegenen Ëmgang mam Ëmaarmen, dem Alter an/oder dem Geschlecht vum Kand, der Intensitéit an der Dauer oder och de Kierperzonen (Genital-/Intimberäich), déi sech beréieren, of. Och hei gëllt: Perséinlech Grenzen wouerhuelen, reflektéieren, am Team beschwätzen an op eng wäertschätzend Aart a Weis zum Ausdrock bréngen resp. matdeelen.

#### Good-Practice-Iddien a Virschléi:

- ✓ Sech op d'Aenhéicht vum Kand Beginn. Dëst verhënnert, datt de Genitalberäich vun der erwuessene Persoun op der Héicht vum Kand sengem Kapp ass.
- ✓ Beim Sätzen d'Been éischer iwwerkräizen oder zouhalen, fir den direkte Kontakt am Genitalberäich ze vermeiden.
- ✓ Déif Décolletéë vermeiden, well do d'Gesicht vum Kand beim op de Schouss huelen resp. beim Ëmaarmen heefeg op der Héicht vun der Broscht ass.
- ✓ Dorop uechten, datt d'Ëmaarmen an op de Schouss huelen fir déi aner am Raum transparent, an de Raum geriicht an domat oppen resp. net verstoppt stattfënnt? (Stéchwuert: „Selbstschutz“)
- ✓ Beim op de Schouss huelen dorop oppassen, datt d'Kand just op engem Been sëtzt. Doduerch fënnt eng Ënnerscheidung zum op de Schouss huelen am privaten oder familiären Ëmfeld doheem statt an ze vill intensive Kierperkontakt gëtt doduerch begrenzt.
- ✓ ...

## B. Kussen

Vläicht nach méi staark wéi aner Forme vu Kierperkontakt, ënnerläit d'Kussen ganz verschiddene kulturelle Bestëmmungen a Vuen. Biografesch Erfarungen a perséinlech Gewunnechten spillen hei eng wichteg Roll.

### **Grondsätzlech huet d'pedagogesch Personal d'Kanner (an och emgedréint) net op de Mond ze këssen!**

D'Kussen op de Bak (oder d'Stier) sollt net vun der Fachkraaft ausgoen. All Fachkraaft soll seng perséinlech Grenze kennen, een individuell passenden Ëmgang mat enger „Kussoffer“ entwéckelen an deen an enger wertschätzender Aart a Weis zum Ausdrock bréngen.

#### **Good-Practice-Iddien a Virschléi:**

- ✓ Wann e Kand enger Fachkraaft ongwollt op de Mond kësst, d'Kand op d'Regel „Keng Kussen op de Mond“ opmierksam maachen.
- ✓ Als Ënnerscheed zum privaten oder familiären „Ech hunn dech gäre Kuss“ kann d'Fachkraaft e „Vill Gléck Kuss“ mat der Hand verschécken resp. zum Ausdrock bréngen.
- ✓ ...

## C. Un- an Ausdoen

Plakegsinn resp. sech plackeg weisen ass fir vill vun eis mat Schimmt verbonnen. An onserem pedagoeschen Alldag gëtt et eng Rei vu Situatiounen, an deenen d'Un- oder Ausdoen resp. d'Wiessele vu Kleeder bei de Kanner eng Roll ka spillen. Esou zum Beispill beim op d'Toilette goen resp. dem „an d'Box gemaach hunn“, an der Kabinn vun der Schwämm oder der Sportshal an och beim Versueren resp. Behandle vum enger Wonn.

Och an esou enge Situatiounen stinn d'Wouerhuelen an d'Respektéieren vun individuelle Grenzen an d'Förderung vun der Autonomie vum Kand am Zentrum vun eisem pedagoeschen Handeln. Wichteg Froe fir d'nächst Handlungsschrëtt sinn: Kann d'Kand sech schon eegenständeg un- resp. ausdoen? Hunn ech d'Kand gefrot respé dozou encouragéiert? Hunn ech d'Kand gefrot, ob ech him d'äerf hëllefen?...

#### **Good-Practice-Iddien a Virschléi:**

- ✓ D'Kand froen, ob et aleng probéieren wëll sech aus- oder unzedoen.
- ✓ Nofroen, ob d'Kand eventuell eng aner Begleedpersoun virzitt, déi him behëlleflech ass.
- ✓ Dem Kand am Virfeld erklären wat als nächst wäert geschéien resp. gemaach ginn an nofroen, ob dat fir d'Kand esou an der Rei ass.
- ✓ Grondsätzlech vill froen an informéieren resp. erklären. Dëst schaaft dem Kand Transparenz a Kloerheet an ass Ausdrock vun wierklecher Partizipatioun an Selbstbestëmmung.
- ✓ D'Sécherheet an d'Éischt-Hëllef bei Verletzungen (Stéchwuert: „Wonn versueren“) hunn ëmmer Prioritéit!
- ✓ ...

### **Besuch an der Schwämm**

- ✓ Grondsätzlech sollen zwou Kabinne genotzt ginn. Déi fir d'Meedercher sollt vun enger weiblicher Fachkraaft, déi fir d'Jongen vun enger männlecher Fachkraaft besat sinn.
- ✓ D'Schwammsaache vum Personal soll der pedagogescher Situatioun ugepasst sinn! (Stéchwuert: „Freizügigkeit“)
- ✓ D'Personal deet sech mat engem Handduch ëm den Intimberäich aus resp. un, fir sech an de Kanner genuch Intimsphär ze schafen.
- ✓ ...

### **D. Kierperkontakt mat den Elteren**

Gutt a vertrauensvoll Bezéiungen mat den Elteren vun de Kanner sinn e wichtegen qualitativen Aspekt vun eiser Aarbecht. Si fërderen d'Kommunikatioun iwver de pedagogeschen Alldag, d'besonnesch Situatiounen an den Austausch iwver d'Entwécklung vum Kand, schafen Transparenz an d'Gefill vun Zesummenaarbecht a Sécherheet. Gläichzäiteg stellt sech ëmmer erëm d'wichtig Fro no de Grenzen vun enger professioneller a konstruktiver Elterenaarbecht. Dat weist sech beispillsweis och bei der Fro, wei eng Aarte vu Begréissung géigeniwver den Elteren ubruecht sinn...

#### **Good-Practice-Ideeen a Virschléi:**

- ✓ Et sollten eegen oder am Team decidéiert Begréissungsformen resp. -ritualer mat den Elteren definéiert ginn.
- ✓ All Fachkraaft sollt d'Fräiheet hunn d'Elteren och ouni Kierperkontakt resp. Handschlag begréissen ze kënnen, och wann d'ëst aner Matarbeechter\*innen (an der Situatioun) maachen. Kulturell Ënnerscheeder an individuell Sozialisationserfarungen sollen dobäi op alle Fall respektéiert resp. akzeptéiert ginn.
- ✓ ...